**Budget 2025**

Här Buergermeeschter, Memberen aus dem Schäffen a Gemengerot, Merci fir d'Wuert.

Wann een sech de Budget ukuckt, gesäit een datt een do weider mécht wou een 2024 opgehalen huet, punktuell a gezielt investéieren. Et gëtt gekuckt datt een net d'Suen aus der Fënster geheit mee do investéiert wou se gebraucht ginn.

**Zum Thema Sport a Kultur**

Bei de Sportinfrastrukture gouf et 2024 een neie Syntheeteschen Terrain um Holleschbierg, 2025 steet een Terrain an den Espen fir de Blo-Wäiss Izeg an de Swift Hesper mat 2.4Mio€ am Budget.

Weider stinn och nach Reparaturen um Daach vum Holleschbierg 1. an e Parking fir den Tennis Houwald am Budget. Mat all de sportlechen Infrastrukturen déi mir an eise 5 Dierfer hunn, brauch een sech net ze verstoppen.

Net nëmmen an de Sport mee och an d'Kultur gëtt investéiert. Nei am Budget, de Salaire vum Personal aus der Museksschoul dee mat 2.27Mio.€ dra steet.

Säit dësem Joer leeft Hesper Museksschoul net méi ënnert der UGDA. Ass fir Gemeng ee grousse Käschtepunkt mee déi Suen déi elo net méi un d'UGDA ginn, ginn elo integral an d'Personal.

Op dësem Wee wëll ech dem Xavier Griso a senger ganzer Equipe Merci soe fir hier excellent Aarbecht. Vun hirer gudder Aarbecht profitéieren d'Veräiner déi an de leschte Jore vill Nowuess kritt hunn.

An der aler Schoul zu Izeg wou ënnert anerem d'Fanfare Izeg hire Sëtz huet gëtt mat engem Budget vun 300'000€ renovationsaarbechten bedriwwen.

**Thema Logement**

De Masterplan Houwald, besser bekannt als Houwald City hëlt ëmmer méi Form un. Den Tram huet seng nei Streck fir op den Houwald weider Richtung Cloche d'Or fonnt.

Net nëmme Residenzen a Büroe ginn hei gebaut mee och sinn 11 sozial Wunnenge geplangt déi mat 3.8Mio€ dotéiert sinn. Dës weidere kommen och mam Projet Batiment mixte zu Hesper, dee mir am September presentéiert a gestëmmt hunn, eng 20 abordabel Wunnengen am Zentrum vun Hesper bäi.

Nom Projet Rothweit zu Alzeng kuckt een och elo zu Hesper am Kär vun der Gemeng mat dësem Projet d'Leit aus der Gemeng an der Gemeng ze halen. Wann dee Projet da bis realiséiert ass kann een da ganz einfach mam Lift deen am Summer nächst Joer fäerdeg gëtt op den Holleschbierg goen oder ass een och direkt op der Vëlospiste.

Thema Vëlospiste, do ginn et gutt Noriichten datt 2025 also och nächst Joer de PC fir op Izeg, besser gesot fir op de Predigerberg fäerdeg ass. Vëlospisten Izeg op Konter an Izeg a Richtung Alzeng geet et och virun, leider net esou séier ewéi mir eis et virstellen. Hoffe mir datt et do och geschwë besser viru geet.

E grousse Merci geet vu menger Säit un all d'Servicer vun eiser Gemeng déi eng excellent Aarbecht maachen.

Merci geet och u Chrisitane Streef fir de Rapport vum Budget, dem service financier fir d'Erstellen vun dësem iwwersichtlechen a lieserlechen Dokument. E leschte Merci geet natierlech un eise Schäfferot fir d'Koordinatioun vun all den Aarbechten an enger „gestion en bon père de famille" well eis Gemeng nach ëmmer scholdefräi ass, wat Spillraum fir zukünfteg Investitioune léisst.

Merci fir Äert Nolauschteren.